N°2754
Entrée le 09.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Gemeinsam Äntwert vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, a vum Premierminister Luc FRIEDEN, op d'parlamentaresch Fro n° 2754 vum 7. August 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

**1. Plangt d'Regierung kuerz- oder laangfristeg de Reseau RENITA op eng Alternativ ëmzestellen an esou d'Fiabilitéit ze verbesseren ?**

De Funk-Reseau RENITA gouf 2015 a Betrib geholl a leeft zënterhier mat enger exemplarescher Fiabilitéit. Dës huet sech och beim Incident vum 23. Juli gewisen, wou de RENITA Reseau a kéngster Weis impaktéiert war an déi betraffenen Organisatioune wärend dem Incident hir Kommunikatioun mat RENITA assuréiere konnten. Dofir gëtt et och à l'immédiat keng Pläng fir op eng Alternativ ëmzestellen.

**2. Falls dat net de Fall ass, kann d'Regierung präziséieren, wéi ee plangt d'Fiabilitéit, d'Sécherheet an d'Resilienz vun dësem essenziell wichtege Reseau weider ze stäerken ?**

De Prozess fir de RENITA Reseau kontinuéierlech ze verbesseren an ze stäerke leeft vum 1. Dag vun der Mise en service un. Nieft techneschen Upgrades, déi dofir suergen, datt de System permanent hardware- a softwareméisseg um leschte vum Fournisseur akkreditéierte Stand ass, ass d'Couverture an d'Kapazitéit vum Reseau grad wéi seng Sécherheet a seng Autonomie iwwert d'Joren bestänneg verbessert ginn. Sou gouf duerch d'Integratioun vu Waasserstoff-Brennstoffzellen d'elektresch Autonomie vum Reseau kierzlech nach gestäerkt. Mëttlerweil ass de Maturitéits-Niveau vum Funk-Reseau dann esou héich, datt keng gréisser Adaptatiounen an den nächste Jore geplangt sinn. Et geet elo haaptsächlech drëm sécher ze stellen, datt RENITA grad esou gutt an de grousse Gebaier wéi dobausse funktionéiert.

**3. Wéi eng Mesurë sinn am Beräich vun der Cybersécherheet an der Kontinuitéit vum Service vun der Kommunikatioun vun eise Sécherheets- a Rettungsdéngschter geholl ginn a kuerzfristeg geplangt, fir änlech Attacken oder Pannen an Zukunft ze evitéieren ?**

Wéi virdru geschriwwen, war de RENITA Reseau net vun dësem Incident betraff. Fir datt de RENITA Reseau zu all Moment asazbereet ass, ënnerläit RENITA standardiséierte Business Continuity Prozesser, déi reegelméisseg getest ginn a gëtt 24/7 vun engem Network Operations Center an och vun engem Security Operations Center, dee reng fir d'Cybersécherheet vum Reseau zoustänneg ass, iwwerwaacht.

**4. Wéi rechtfertegt d'Regierung de Recours op privat Operateuren oder och staatlech Entreprisë à but lucratif, wann et ëm kritesch Infrastruktur zu Lëtzebuerg geet ?**

Et ass weder technesch méiglech, nach ekonomesch sënnvoll de Betrib vun alle kritesche Infrastrukturen ouni Recours op aner Acteuren ze realiséieren. Dofir ginn et eng Rei legal a reglementaresch Dispositioune fir de sécheren a kontinuéierleche Betrib vun de kriteschen Infrastrukturen ze encadréieren. Souwuel déi staatlech, wei déi privat Operateure vu kriteschen Infrastrukture gi vun den zoustännegen nationalen Autoritéite superviséiert.

**5. Ass d'Couverture vum Reseau, dee fir eis Sécherheets- a Rettungsdéngschter genotzt gëtt, um gesamten Territoire un eisem Land (inklusive de ländleche Géigenden) fiabel assuréiert ?**

De RENITA Reseau couvréiert aktuell 99.7% vum gesamten Territoire an domat och déi ländlech Géigenden. Evidenterweis ka keen terrestresche Reseau eng 100% Couverture garantéieren. Fir Asätz a Géigenden, wou d'Couverture méiglecherweis net assuréiert ass, stinn awer zousätzlech Solutiounen zur Dispositioun, déi di concernéiert Sécherheets- a Rettungsdéngschter entweder selwer aktivéiere kënnen, oder op Demande a kierzester Zäit zur Verfügung gestallt kréien.

Lëtzebuerg, den 8. September 2025

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE